N°3070
Entrée le 18.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil Max Hahn an der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro n°3070 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen iwwer d'Accessibiléit vu Fligeren.**

- *Mussen d'Fliigeren vun den Airlines, déi zu Lëtzebuerg zirkuléieren, de Krittären vun der Accessibilitéit (« conception pour tous ») entsprechen?*
- *Gëllt dës och fir d'Toiletten an de Fliigeren?*

D'Gesetz vum 7. Januar 2022 „portant sur l'accessibilité à tous des lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs" bezitt sech explizit just op d'Plazen déi fir d'Ëffentlechkeet zougänglech sinn, ëffentlech Stroossen a kollektiv Wunngebaier. Vu dass e Fliger per Definitioun kenger vun de genannte Kategorien entsprécht, fält e Fliger net ënner d'Accessibilitéitsgesetz.

D'Konzeptioun an den Design vun de Fligeren, inklusiv vun den Toilette, ginn net vun der Airline selwer festgeluecht. Dës Elementer ginn am Kader vum "Certificat de type" vum Hiersteller definéiert an duerch déi zoustänneg Loftfaartautoritéiten zertifizéiert.

An Europa ass d'Agence européenne de la sécurité aérienne (AESA) zoustänneg, déi d'Certification Specifications CS-25 fir grouss Fligere festleet. Fir amerikanesch Fabrikater gëllen d'Reegele vun der Federal Aviation Administration (FAA), déi an hirem Prinzip mat deene vun der EASA (European Union Aviation Safety Agency) ofgestëmmt sinn.

Dës Reglementer definéiere virun allem Sécherheets- a Brandschutzufuerderungen, d'Evakuéierungsbedingungen an deelweis Aspekter vun der Accessibilitéit. All Designännerung misst duerch den Hiersteller oder eng autoriséiert Design-Organisatioun vun der zoustänneger Autoritéit guttgeheescht ginn.

D'Accessibilitéit vun de Fligere gëtt domat am europäesche Loftfaartrecht iwwer déi allgemeng technesch Ufuerderunge vun der EASA a vun der FAA gereegelt, an net duerch eng national Reegelung.

Dat europäescht Reglement 1107/2006 leet doriwwer eraus fest, dass Leit mat ageschränkter Mobilitéit ("PMR") gewësse Rechter hunn, wann se mam Fliger fléien. Dat betrefft virun allem d'Rechter op Assistenz (souwuel um Flughafe wéi och am Fliger), beinhalt awer keng Obligatioune fir d'Airlines, dass d'Fligere selwer accessibel misste sinn. An der Praxis um Findel ass et esou, datt déi betraffe Leit individuell en charge geholl ginn a prioritär bis op hier Plaz am Fliger begleet ginn.

Um Flughafe selwer gi virum Terminal zäitno taktil Buedemplakken virgesinn, fir deene Leit déi Probleemer mat der Vue hunn eng Orientéierungshëllef ze ginn an hinnen de sécheren Zougang zum Terminal ze vereinfachen. Doriwwer eraus fänke geschwënn Aarbechten u fir e PMR-Waardeberäich anzeriichten. Déi Zone ass och mat PMR Sanitäranlagen ausgerüst, a gëtt no um Check-in an der Sécherheetskontroll ageriicht.

Lux-Airport ass och déi éischt Lëtzebuerger Gesellschaft, déi sech der Sunflower Initiativ ugeschloss huet. An deem Kader sinn d'MataarbechterInnen, déi mat de PassagéierInnen a Kontakt sinn, iwwert e puer Méint forméiert gi fir Leit mat sougenannten „hidden disabilities" eng adäquat Ënnerstëtzung unzebidden.

Lëtzebuerg, den 18. November 2025

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn